

Domaine Alice Hartmann

Wormeldange

Wormer, den 6. Dezember 2023

CHRONIKEN 2023

Wat fir e Joer ... esou vill meteorologesch Iwwerraschungen! 2023 konnte mir eis net vill ausrouen – mat enger immens kuerzer an intensiver Lies als Héichpunkt. Mee dank den héijen Uspréich, déi mir gewinnt sinn, kënne mir Iech haut mat Freed matdeelen, dass mir vun der Qualitéit vun de Wäiner an eise Kellere begeschtert sinn. D'Rendementen hunn zwar ënnert deem komesche Wieder gelidden, mee mir konnten dat Bescht aus dësem Joergang eraushuelen.

Ee Joer kënn nom aneren – mee se sinn ëmmer anescht. 2021 war immens naass, 2022 immens dréchen an 2023 war iergendwéi eng Mëschung vun deenen zwee Jore mat e puer Phasen, déi sech däitlech vuneneen ënnerscheet hunn.

Déi éischt Méint waren extreem ficht, mat vill Reen am Januar an am Mäerz. An och am Fréijoer gouf et ni länger Perioden ouni Nidderschlag. Allerdéngs hu mir eis heidriwwer net beklot. Au contraire! Anescht ewéi 2022 war de Bueden am Ufank vun der Vegetationsperiod net komplett ausgedréchent an der Natur koum dat villt Waasser méi ewéi zegutt.

Den Austrieb (d'Opbrieche vun de Knospen) huet Enn Abrëll ugefaangen, d. h. weeder immens fréi nach immens spéit. Allerdéngs sinn opgrond vun der killer, fichter Meteo bis Mëtt Mee d'Riewe just ganz lues gewuess.

Duerch dee ville Reen an deenen éischte Méint vum Joer hu mir eisen Zäitplang missen upassen a konnte wéinst dem zopnaasse Buedem eis nei Riewen eréischt ab dem 24. Mee zu Wuermer planzen.

Mëtt Mee huet d'Wieder du geännert. D'Sonn huet sech endlech um Himmel gewisen an och de Quecksëlwer ass an d'Luucht geschoss – an d'Riewen och. Mat enger Duerchschnittstemperatur vun 20,5 °C, déi op der Wiederstatioun zu Wuermer gemooss gouf, war de Juni ee vun deene wärmsten zanter 1838 (ënnert den Top 6). Um Enn wäert en esouguer dee wärmste Mount vum ganze Joer sinn. Wärend dëser éischer Hëtztwell war et bis 29 °C waarm.

Ideal Konditiounen deemno, fir d'Vegetatioun richteg unzekuerbelen. Dank dem naasse Buedem an de ville Sonnestonne sinn d'Riewe regelrecht explodéiert an den 10. Juni waren déi éischt Bléien op eisen Terrassen op der Koeppchen ze gesinn.

D'Bléi ass e ganz wichtege Moment, well d'Planz dann am empfindlechten ass. Frascht, Knëppelsteng oder staark Nidderschlag kënnen en Impakt op déi ganz Wäilies hunn. Glécklecherweis ass alles beschtens verlaf. Am Hibleck op déi gutt Versuergung vun de Riewe mat Nährstoffer a Waasser gradewéi déi vill Sonn fir d'Photosynthese war d'Bléi ganz kuerz an d'Riewen hunn an all Parzell gläichzäiteg geblitt, wat eng schéin homogeen Maturitéit am Hierscht garantéiert.

Obwuel mir eis iwwer de positive Verlaf vun dëser kritescher Phas gefreet hunn, hate mir déi laang Dréchent vun 2022 dauernd am Hannerkapp. Wat, wa mir mat deene selwechte Problemer ewéi d'lescht Joer ze kämpfen hunn? Wat, wann d'Wéngerten nees ënnert dem Waassermangel leiden?

Mee dank dem Reen an deenen éischte véier Méint vum Joer hunn d'Planzen net gelidden a bis Ufank Juli si keng phytosanitär Problemer opgetrueden. Allerdéngs war Ufank Juli Echte Mehltau ze gesinn. Den

Domaine Alice Hartmann

Wormeldange

Drock war entspreichend héich a fir d'Riewen net onnéideg ze schwächen, hu se misse reegelméisseg kontrolléiert ginn, a mir hu geziilt agegraff an déi betreffen Drauwen direkt ofgeschnidden.

D'Temperaturen am Juli hu méi oder manner dem Duerchschnëtt entsprach an de Reen de 26., 27. an 29. Juli huet eis gefreet. E kouv genee am richtege Moment an ze grouse Waasserstress konnt evitéiert ginn. Mat iwwer 80 Liter pro Quadratmeter während dësen dräi Deeg war d'Angscht virun enger neier Dréchént definitiv vergiess an d'Virstellung, d'Joer kéint änlech perfekt ewéi 2018 verlafen, huet sech an eise Käpp forméiert. Zu dësem Zäitpunkt hu mir gehofft, mat der Lies ganz fréi, vläicht schonn de 4. September, ufänken ze kënnen.

Mee Prognosen si änlech zouverlässeg, wéi am Kaffisaz ze liesen. De ganze Mount August huet et bal net opgehal mat reenen. Iwwer 150 Liter pro Quadratmeter sinn immens seelen a souwisou vill ze vill fir d'Riewen an dëser Joreszäit. An zu allem Iwwerfloss war et op deene wéinegen dréchenen Deeg esou waarm a sonneg, dass d'Drauwen an de Wéngerten a Richtung Süde verbrannt sinn.

Reen a Sonn: Elo war der Falsche Mehltau un der Rei, fir deen esou Bedéngunge perfekt sinn. Ab Mëtt August goufen d'Drauwe gro a si gefault – virun allem eise Pinot Noir.

Oprond vun der ongënschteger kaler, naasser Meteo hunn d'Riewe matten am Summer opgehal mat wuessen. Net ze gleewen! D'Lies wäert deemno awer net éischer iwwer d'Bün goen a mir hu geplangt, den 11. September unzufänken.

Ufank September ass d'schéint Wieder zeréckkomm an eis gutt Laun och. Wat, wann – ewéi 2018 – de Maturitéitsprozess op eng „rettend“ Manéier relancéiert géif ginn?

Wäit gefeelt! Ab dem 10. ass de genaue Géigendeel geschitt. Oprond vun de waarmen Temperaturen an der extremer Sonn sinn d'Drauwen nach méi verbrannt. Eng Partie si regelrecht verdréchent an duerno verwielegt mat der Konsequenz, dass se – trotz dem Ufank vun der Lies deen nächsten Dag – net gepléckt konnte ginn.

Wéinst der Hëtzt daagsiwwer gouf scho bei Sonnenopgang am Wéngert geschafft, fir vun de killen Temperature moies ze profitieren. Ginn d'Drauwen nämlech ze waarm gepléckt, da geet de Risiko an d'Luucht, dass onkontrolléiert Gärungsprozesser nach virum Pressen optrieden, wat zu inakzeptabelen aromateschen Ofwäichunge féiert.

An dëser éischer Woch hu mir de ganze Pinot Noir fir de Cremant gelies. Eis Mataarbechter haten d'Instruktioun kritt, onbaarmhärzeg ze sinn a just déi bescht Drauwen ze plécken. D'Asiatesch Méck (*Drosophila suzukii*) huet et virun allem op däischer Riefzorten ofgesinn an eis rout Drauwen extreem geschiedegt, well déi betraffe Friichte faulen an net méi ze gebrauche sinn. Dowéinst waren d'Rendementen zimmlech kleng, mee dank der gudder Aarbecht vun eisen Ekippe waren all déi vinifiéiert Drauwe komplett gesond. Eis Mataarbechter hu sech eise grouse Merci méi ewéi verdéngt!

Well eise Pinot noir just duerchschnëttlech zeideg war, hu mir decidéiert, fir de Joergang 2023 kee roude Wäin a Fläschen ofzefüllen. Dës Wäiner gi fir d'Produktioun vun eisem Cremant Rosé benotzt, deen doduerch nach besser gétt.

D'Wieder ass ab der zweeter Woch vun der Lies ëmgeschloen. Daagsiwwer war et net méi esou waarm an d'Drauwenzorten, déi mir an de Wéngerten hänke gelooss hunn, hu vu méi normale Meteowärter profitiert.

Domaine Alice Hartmann

Wormeldange

An der zweeter Woch gouf de Chardonnay fir d'Cremante gelies. All d'Drauwen, déi an eise beschte Wéngerten – virun alem zu Gréiwemaacher – wuessen an déi mir fir stëll Wäiner reservéieren, waren immens gesond a mir hunn decidéiert, nach e bëssen ze waarden. De 27. an 28. September konnte se perfekt zeideg gelies ginn. Wien hätt dräi Woche méi fréi geduecht, dass esou héich Maturitéitsgrade wäerten erreicht ginn!

Schonn an der drëtter Woch vun der Lies hu mir festgestallt, dass sech de Gesondheitszoustand vu munche vun eise Wéngerte verschlechtert. Mir konnten net weider waarden an hunn dës Drauwe misse liesen. An nees huet missen drop opgepasst ginn, dass all déi, déi net perfekt waren, aussortéiert goufen.

Mir hunn eis awer driiwuer gefreet, dass d'Rieslingen op de géien Häng den Dauerreen am August vill besser iwwerstanen hunn. D'Decisioun, dës méi spéit ze plécken, war richtig. Moiesniwwel a kal Nuechten, déi d'aromatesch Entwécklung begünstegen, hunn eng grouss Roll gespillt. Am positive Sënn! Eis Wéngerten Ohn Palmberg, Gréiwemaacher Fels a Wëntreg Felsberg ware perfekt zeideg fir d'Lies den 28. an 29. September. Den 30. September waren eis schéin Terrassen op der Koepchen zu Wuermer un der Rei. A jidderengem vun dësen aussergewöhnleche Wéngerten haten d'Drauwen eng absolut fantastesch Qualitéit. Allerdéngs hu mir mussen immens niddereg Rendementen a Kaf huelen.

Déi éischt Woch am Oktober war och eis véiert Woch vun der Wäilies. Si war ganz dem Riesling op der Koepchen gewidmet, dem Häerzstéck vun eisem Domaine. Mir hate vill Chance an hunn do wonnerbar Drauwe gepléckt mat warscheinlech ganz vill Potenzial. Dass dee beschte Riesling mat enger feiner, eleganter Saier net ëmmer a Jore mat deene meeschte Sonnestonne wüsst, wäerte mir mat dësem Joergang sécherlech ënner Beweis stellen.

Déi lescht Wäipress huet de 5. Oktober gedréint. An domat ass eng Wäilies op en Enn gaangen, déi ruckzuck verlaf ass. Si wäert eis an Erënnung bleiwen: Nach ni war d'Lies esou fréi eriwuer.

Obwuel d'Wieder sech net vu senger beschter Säit gewisen huet, si mir trotzdem ganz zefridde mat der Flësegkeet, déi mir an eis Tanken agefëllt hunn. Mir hu missen e groussen Deel vun eisen Drauwen afferen, mee dëst ass eist Engagement – an den eigentleche Sënn vun der Aarbecht, déi all eis Mataarbechterinnen a Mataarbechter leeschten.